JONK BESETZUNG
Entdeckt dee gréisste Fotoapparat vun der Welt!

Summer-Ateliere fir Kanner a Jugendlecher vum 19. Juli bis den 13. August an der Galerie l'Indépendance vun Dexia BIL.

Dexia BIL an de Casino Luxembourg – Forum d'art contemporain hu sech associéiert fir während der grousser Vakanz de Kanner a Jugendlechen en innovative Programm mat Foto-, Collage-, Zeechen-, Performance- a Molatelieren unzebidden. Déi verschidden Atelieren erstrecke sech op 5 Deeg (vu Méindes bis Freides), si daueren all Dag vu 14 bis 18 Auer. Um Enn vun all Woch fënnt an der Galerie e richtegen « Accrochage » statt wou déi Jonk d'Resultater vum jeeweilegen Atelier ophänken an an Szene setzen; e klenge « Vernissage » gëtt och all Kéiers gefeiert. Esou wiisst d'Ausstellung vu Woch zu Woch bis se dann den 13. August komplett ass! Vum 16. August bis de 17. September kënnen d'Visiteure sech dann d'Ausstellung *Jonk Besetzung* vu Méindes bis Freides vun 8 bis 18 Auer ukucken.

D'Participatioun fir ee *jonke Besetzer* kascht 70 EUR (60 EUR mat KKP*).
Aschreiwungen a weider Informatioune gëtt et um Tel : (+352) 22 50 45 a per E-Mail visites@casino-luxembourg.lu
Casino Luxembourg – Forum d'art contemporain, 41, rue Notre-Dame, L – 2240 Luxembourg

*De KKP – KannerKonschtPass vum Casino Lëtzebuerg ass ee Laissez-Passer fir Kanner vu 6 bis 12 Joer, deen de Kanner erlaabt all Samschdes Mëttes vu 15 bis 17 Auer gratis un den Atelieren am Casino Lëtzebuerg deelzehuelen. De KKP ass ee Joer gülteg a kascht 25 EUR.

CASINO LUXEMBOURG
Forum d'art contemporain

DEXIA
culturepourtous

Dexia Banque Internationale à Luxembourg, société anonyme, 69 route d'Esch, L-2953 Luxembourg, RCS Luxembourg B-6307

Vakanzenateliere fir Kanner vu 6-12 Joer

fir max. 12 Kanner pro Atelier

Méindeg 19. bis Freideg 23. Juli 2010 – ***De Roulot'ographe a seng Skulpturen*** *(L, F)*
Roulot'ographieatelier mat der Fotografin Neckel Scholtus

De Roulot'ographe ass ee risege Fotoapparat – sou grouss eréi eng Roulotte – an deen een eraklammen a mat deem ee Fotoe maache kann. Et ass awer och e Fotoslabo(ratoire) wou ee seng Fotoen, déi ee mat Kartongs- a Blechekëschte gemaach huet selwer entwéckele kann!
Mir maachen e Fotosrallye duerch de Park Heintz vun der Dexia BIL: do fotografféiers du d'Skulpturen eemol op eng méi drolesch an experimentell Manéier. Duerno entwéckels du da selwer deng Fotoen am Roulot'ographe.
• Treffpunkt ass all Dag um 14 Auer an der Galerie l'Indépendance vun Dexia BIL. Breng w.e.g. deng Këscht mat!

An Zesummenaarbecht mat jusquici asbl / www.roulotographe.lu

Méindeg 2. bis Freideg 6. August 2010 – ***Dada Safari*** *(L, F)*
Foto-, Mol- a Collageatelier mat der Kënschtlerin Nadine Johanns

Esou wéi d'Dada Kënschtler virgaange si fir hir Dada Collagen ze maachen, erfuersche mir de Park Heintz vun Dexia BIL. Mir versichen ze verstoe wat eis d'Kënschtler mat hire Wierker wëlle soen.
Den éischten Dag maache mir eng Fotossafari duerch de Park an notéieren eis Ideeën. Den zweeten Dag probéiere mir eis Fundstécker zesummen ze bréngen andeems mir si a Form schneiden an zesummepechen. Den drëtten Dag verwandele mir alles mat vill Faarf a ville Formen an e Bild. De véierten Dag maache mir eist Wierk prett fir den « Accrochage » an denken eis e klenge passenden Text derzou aus. De fënneften Dag gëtt eisen Dada Collage Deel vun der Ausstellung *Jonk Besetzung* an der Galerie l'Indépendance.
• Treffpunkt ass all Dag um 14 Auer an der Galerie l'Indépendance vun Dexia BIL.

Méindeg 9. bis Freideg 13. August 2010 – ***Super video game boys and girls*** *(L, F)*
Zeechen-, Mol- a Performanceatelier mat der Konschtstudentin Lena Van den Kerchove

Wann ee Videosspiller spillt, versetzt ee sech komplett an eng aner, spannend Welt.
Inspiréiert un de Wierker aus der Ausstellung *Ceci n'est pas un Casino*, erfënns du fir d'éischt mat Skizzen deng eege Figur, déi ganz anescht ass wéi alleguer di normal Helden déi mir soss aus de Videosspiller kennen. Wann s du déi perfekt Figur entworf hues, mools du si mat Pinsel a vill Faarf op. Du setz si an e Kontext, gëss hir eng Aufgab an décidéiers wéi si hir Roll ze meeschteren huet. Da spills du d'Roll vun denger Figur wéi am Theater eemol duerch. Bass du prett fir dës Missioun?
• Treffpunkt ass den 1. Dag um 14 Auer am Casino Luxembourg – Forum d'art contemporain, di aner Deeg treffe mir eis direkt an der Galerie l'Indépendance vun Dexia BIL.

Vakanzeworkshop fir Jugendlecher ab 12 Joer

fir max. 16 Jugendlecher

Méindeg 26. bis Freideg 30. Juli 2010 – ***Ceci n'est pas une roulotte*** *(L, F)*
Roulot'ographieworkshop mat der Fotografin Neckel Scholtus

Du interesséiers dech fir Konscht a Fotografie? Du waars nach ni an engem Fotoapparat!? Du hues nach ni mat enger Schongkëscht oder Kaffisdous Fotoe gemaach!? An och nach ni selwer Fotoen entwéckelt!? Dann ass dësen Atelier genau dat richtegt fir dech! Mir fänken u mat engem Ableck an d'zäitgenësseg Konscht, méi präzis an d'Ausstellung *Ceci n'est pas un Casino*. Do dréit sech alles ëm d'Spill, mä awer och ëm d'Frustratioun net spillen ze kënnen. Jidderee geet vun enger lertumssituatioun aus an där ee mengt et wier eppes wat net ass. Mat e puer Tricker méchs du dann duerno Fotoen an deenen dem Betrachter eppes virgemaach gëtt wat net ka sinn. Direkt nodeems dës Fotoe gemaach sinn, entwéckels du se selwer am Roulot'ographe, deem mobile Fotoapparat a Fotoslaboratoire.
• Treffpunkt ass den 1. Dag um 14 Auer am Casino Luxembourg – Forum d'art contemporain, di aner Deeg treffe mir eis direkt an der Galerie l'Indépendance vun Dexia BIL. Breng w.e.g. deng Këscht mat!

An Zesummenaarbecht mat jusquici asbl / www.roulotographe.lu

Ausstellungen

Ceci n'est pas un Casino
An dëser Ausstellung dréit alles ëm d'Spill! Déi 16 Kënschtler, déi bei der Ausstellung matmaachen, weisen alleguer Wierker wou ee Loscht kritt ze spillen, unzepaken oder deelzehuelen. Mä kann een och wierklech mat deene Konschtwierker spillen? Mir sinn dach net an engem Spillcasino...!?
www.casino-luxembourg.lu

Collection de sculptures de Dexia BIL
Ronderëm den Haaptsëtz vun der Bank Dexia BIL gëtt et de Park Heintz mat senge Gäert déi « Jardins de l'Indépendance » heeschen. Hei fënnt een ënnert fräiem Himmel d'Skulpturesammlung vun Dexia BIL. D'Skulpture si vu Kënschtler gemaach, déi aus alle Länner kommen.